# WAT DIR IWWER PROSTATT-KRIIBS WËSSE SOLLT

*Warnzeechen déi Dir net ignoréiere sollt!*



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Direction de la santé

**D'ZUELEN** 3

**D'PROSTATT** 4

**DÉI GUTTAARTEG PROSTATT-KRANKHEETEN** 5

*Guttaarteg Hypertrophie vun der Prostatt* 5

*Prostatite* 6

**DE PROSTATT-KRIIBS** 7

*Risiko Faktoren* 7

*Symptomer* 8

**DIAGNOSTESCH TESTER FIR PROSTATT-KRIIBS** 9

*PSA (Prostate-Specific Antigen - Prostatt-spezifeschen Antigen)* 9

*Rektal Ënnersichung* 10

*IRM* 10

*Biopsie vun der Prostatt* 10

**D'BEHANDLUNGE BEI PROSTATT-KRIIBS** 11

**D'HEELUNG AN D'IWWERLIEWEN** 11

**GUTT ZE WËSSEN** 12

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Direction de la santé

Editioun November 2024

ISBN 978-2-49676-034-7

Ab engem Alter vu ronn 50 Joer triede Verännerungen an der Prostatt bei ongeféier all zweetem Mann op. Meeschtens handelt et sech just ëm eng guttaarteg Vergréisserung vun der Drüs. Heiansdo ass d'Lesioun awer och béisaarteg.

# D'ZUELEN

Prostatt-Kriibs ass deen heefegste Kriibs bei Männer zu Lëtzebuerg.

D'Heefegkeet, dat heescht d'Unzuel vun neie Fäll, erreecht e Maximum tëscht 75 a 79 Joer. D'Stierflechkeet, ass am héichsten bei Männer vu 85 Joer a méi.


Mat 520 neie Fäll pro Joer ass Prostatt-Kriibs deen heefegste Kriibs, dee bei Männer diagnostizéiert gëtt. Wat d'Stierflechkeet ugeet, klasséiert dëse Kriibs sech 2019 mat 55 Doudesfäll op der 2. Plaz (Quell: Registre National du Cancer, Luxembourg).

# D'PROSTATT

D'Prostatt ass eng Drüs vun 3 op 4 cm, déi sech am klenge Becken, ënnert der Blos a virum Rektum befënnt. Si ëmschléisst d'Harnröhr an ass Deel vun de männleche Geschlechtsorganer.

Si entwéckelt sech a schafft ënnert dem Afloss vu männleche Geschlechtshormonen (besonnesch dem Testosteron).


Si scheet eng Flëssegkeet aus, déi sech wärend der Ejakulatioun mat de Spermazellen vermëscht, déi vun den Hoden produzéiert ginn. Sou bedeelegt d'Prostatt-Flëssegkeet un der Zesummesetzung vum Sperma.



# DÉI GUTTAARTEG PROSTATT-KRANKHEETEN

## GUTTAARTEG HYPERTROPHIE VUN DER PROSTATT

Déi guttaarteg Vergréisserung vun der Prostatt, benigne Hypertrophie vun der Prostatt genannt, ass altersbedéngt. Tatsächlech, hëlt Prostatt am Alter dacks u Volume zou an ännert sech an der Konsistenz.





D'Krankheet kann ënnert anerem déi follgend Symptomer presentéieren:

- Schwieregkeete beim Waasserloossen
- Reduzéierten Drock beim Urinéieren
- Onfäegkeet d'Blos komplett eidel ze maachen
- Staarkt an / oder heefegt Bedierfnes Waasser ze loossen
- Verléiere vun Urin
- Heefegt Waasserloossen an der Nuecht

Fréi diagnostizéiert, kann déi guttaarteg Vergréisserung vun der Prostatt an de meeschte Fäll mat Medikamenter behandelt ginn. Wann dës Behandlung net duer geet oder d'Krankheet scho fortgeschratt ass, kann eng chirurgesch Interventioun déi gewënschten Erliichterung bréngen.

# PROSTATITE

D'Prostatite ass eng Entzündung vun der Prostatt, déi an all Alter optriede kann. Si kann duerch eng Infektioun oder eng Entzündung verursaacht ginn a kann a bestëmmte Fäll chronesch ginn.




D'Krankheet kann ënnert anerem déi follgend Symptomer presentéieren:

- Brennen oder Péng beim Urinéieren
- Präsenz vu Blutt am Urin oder Sperma
- Ausfloss aus der Harnröhr
- Sexuell Stéierungen
- Widderhuelten Infektioune vun den Harnweeër
- Péng am klenge Becken oder am ënneschte Réck

**Den Dokter ka verschidde Medikamenter benotzen ofhängeg vun der Ursaach an dem Patient senge Symptomer.**


# DE PROSTATT-KRIIBS

Prostatt-Kriibs wiisst normalerweis ganz lues. Prostatt-Zelle veränneren a multiplizéieren sech onkontrolléiert. Den normale Tissu vun der Prostatt gëtt dann duerch den Tumeur zerstéiert, dee wiisst. Iwwert Blutt oder Lymphgefäässer kënnen sech Kriibszellen an aneren Organer fixéieren an do nei Tumeure bilden (Metastasen). Et sinn haaptsächlech Lymphdrüsen am Becken a Schanken déi betraff sinn.

## Risiko Faktoren

Déi Haaptrisikofaktore fir Prostatt-Kriibs sinn:

- **Alter**
  méi heefeg
  bei eelere Männer
- **Ethnie**
  méi heefeg bei Männer
  vun afrikanescher
  Hierkonft
- **Heriditär Faktoren**
  BRCA 1 a BRCA 2
  Genmutatiounen,
  familiär Virgeschicht



## Symptomer

Hei sinn d'Symptomer, déi am Fall vu Prostatt-Kriibs observéiert ginn an déi änlech wéi déi vu guttaartege Prostatt-Krankheete sinn, nämlech:

- Schwieregkeete beim Waasserloossen
- Reduzéierten Drock beim Urinéieren
- Onfäegkeet d'Blos komplett eidel ze maachen
- Staarkt an / oder heefegt Bedierfnes Waasser ze loossen
- Verléiere vun Urin
- Heefegt Waasserloossen an der Nuecht
- Brennen oder Péng beim Urinéieren
- Blutt am Urin oder Sperma
- Sexuell Stéierungen
- Péng am klenge Becken oder ënneschte Réck
- Middegkeet

**Well d'Symptomer net spezifesch sinn, ass eng medezinesch Ënnersichung néideg fir déi richteg Diagnos ze stellen.**

# DIAGNOSTESCH TESTER FIR PROSTATT-KRIIBS

D'Detektioun vu Prostatt-Kriibs ëmfaasst e PSA (Prostatt-spezifeschen Antigen) Test an eng rektal Ënnersichung. Wann no dësen zwou Ënnersichungen eng Anomalie festgestallt ginn ass, muss d'Diagnos duerch eng Biopsie vun der Prostatt gestallt ginn. Virun der Biopsie kann, wann néideg, een IRM gemaach ginn.

## PSA *(Prostate-Specific Antigen - Prostatt-spezifeschen Antigen)*

De PSA ass e Protein deen nëmme vu Prostatt-Zelle produzéiert gëtt a säi Wäert gëtt op Basis vun enger einfacher Bluttanalys bestëmmt. Bei verschiddene Krankheete vun dësem Organ si gréisser Quantitéite PSA am Blutt festzestellen. Kriibszelle sinn zum Beispill fäeg zéng Mol méi PSA ze produzéiere wéi normal Prostatt-Zellen.

Eng Erhéijung vum PSA-Wäert bedeit allerdéngs net onbedéngt d'Präsenz vu Prostatt-Kriibs. Vill Faktore kënnen eng Erhéijung vun deem Wäert verursaachen, sou wéi eng guttaarteg Vergréisserung vun der Prostatt, eng Prostatite, awer och sexuell Aktivitéit oder intensiivt Vëlofueren.

Nëmmen Ären Dokter kann d'Resultater vun der Ënnersichung korrekt interpretéieren an Iech iwwer eventuell Moossname beroden. Et ass ëmmer wichteg fir en erhéichte Wäert no 2 bis 4 Wochen ze iwwerpréiwen.

Am Fall vun engem héije PSA-Wäert wäert Ären Dokter mat Iech iwwer weider Moossnamen diskutéieren:

- Reegelméisseg PSA-Kontrollen
- Consultatioun bei engem spezialiséierten Dokter an der Urologie (engem Urolog)

## Rektal Ënnersichung

Dëst ass eng séier Ënnersichung, duerchgefouert mam Zeigefanger, besteet aus dem Oftaaschte vun der Prostatt iwwert de Rektum. Et erlaabt dem Dokter Onreegelméissegkeeten an der Drüs z'entdecken. Dës Onreegelméissegkeeten, verbonne mam PSA-Wäert kënnen dozou féieren datt Ären Dokter zousätzlech Tester ordonéiert.

## IRM

Den IRM vun der Prostatt ass virun enger Biopsie noutwendeg, wann de PSA-Wäert liicht erhéicht ass. Dës radiologesch Technik erméiglecht et anatomesch Deeler vun der Prostatt an den dräi Ebenen ze visualiséieren.

Si mécht et méiglech verdächteg Beräicher z'identifizéieren, an deenen d'Biopsie méi geziilt gemaach ka ginn.

## Biopsie vun der Prostatt

D'Biopsie vun der Prostatt gëtt entweder transrektal gemaach (d'Nol gëtt duerch de Rektum an d'Prostatt agefouert) oder transperineal (d'Nol gëtt duerch d'Haut tëscht dem Hodesak an dem Anus an d'Prostatt agefouert). D'Fragmenter déi erausgeholl ginn, ginn analyséiert fir de Kriibs z'identifizéieren, awer och fir ze kucke wéi aggressiv dësen ass.

An der Praxis dauert dës Ënnersichung ongeféier fofzéng Minutten: si gëtt am Kader vun der externer Behandlung duerchgefouert, dacks ënner lokaler Anästhesie. Méi seelen erfuerdert si eng ambulant Chirurgie.

# D'BEHANDLUNGE BEI PROSTATT-KRIIBS

Bei lokaliséierten Tumeuren, bidden d'Chirurgie an d'Bestralung exzellent Resultater. Heiansdo kann et néideg sinn, zousätzlech eng hormonell Behandlung (Medikamenter) oder eng Chemotherapie ze maachen. All Kriibsbehandlung gëtt individuell op den Alter vum Patient, de Stadium vun der Krankheet a perséinlech Wënsch vum Patient ugepasst.

Den Dokter informéiert Iech iwwert déi beschte Behandlung an och iwwer d'Virdeeler an d'Nodeeler: zesummen entscheet Dir iwwer Är Behandlung.

# D'HEELUNG AN D'IWWERLIEWEN

Soulaang wéi den Tumeur d'Grenze vun der Prostatt net iwwerschratt huet an nach net verbreet ass (Metastasen), sinn d'Chancen op eng Heelung ganz héich. Kombinéiert mat de richtege Behandlungen, erlaabt déi fréizäiteg Erkennung eng Heelungschance a méi wéi 9 vun 10 Fäll.

# GUTT ZE WËSSEN

Betreffend dem Prostatt-Kriibs sollte verschidden Unzeechen lech alarméieren. Obwuel dës Symptomer harmlos erschéngen, sollten dës net iwwersi ginn.

Wann Dir Zweifel hutt, schwätzt mat Ärem Dokter, deen lech entspriechend Ärer Situatioun berode kann.

ISBN 978-2-49676-034-7

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Direction de la santé

**Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale**
**Direction de la santé**
Centre de coordination des programmes de dépistages organisés des cancers
20, rue de Bitbourg | L-1273 Luxembourg
Tél. +352 247-75550 | depistage.cancer@ms.etat.lu | www.sante.lu